FILM FUND LUXEMBOURG

RTL

# APPELLER

## fir TV-Konzepter a Formater (Developpement)

Fir hir Partnerschaft ze stäerken an d'Entwécklung vu Projeten z'encouragéieren, déi iwwert den nationale Fernseesender gewise ginn, lancéieren de Lëtzebuerger Filmfong an RTL Lëtzebuerg zesummen zwee Opriff, déi sech u Produzenten, Realisateuren, Zeenaristen an all aner Filmschaffend zu Lëtzebuerg riichten.

### 1. Opruff fir en Transmedia Projet an/oder e Webserie-Projet

De **Projet "Transmedia"** muss mindestens zwou verschiddene Kategorie vu Medien oder Plattformen enthalen (Televisioun, Streaming Plattform, sozial Netzwierker, Internetsäiten, Ausstellungen, Radio a Podcasts). All Kategorie ginn ugeholl. De Projet soll d'Participatioun an d'Interaktioun mam Public encouragéieren. D'Haaptiddi soll sech wéi e roude Fuedem duerch déi verschidden Deeler vum Projet zéien.

De **Webserie-Projet** kann all Kategorie bedéngen an an egalwéi eng Dauer hunn. De Projet ka mat engem "Transmedia" Aspekt ergänzt ginn.

### 2. Opruff fir eng Documentaire-Serie

Dësen Opruff ass fir e Kollektiv, deen aus verschiddene Regisseure besteet, fir zesummen eng **Serie vun Dokumentarfilmer** ze kreéieren. All Zort vun Dokumentarfilmer ginn ugeholl. All Dokumentarfilm soll an een Episod passen. All Episod muss ofwiesselend vun engem anere Regisseur geschriwwen a produzéiert ginn. D'Dauer vun den Episode ka 26 an/oder 52 Minutte sinn.

### Eligibilitéitscritèren

All d'Projete sollen d'Diversitéit vun der Lëtzebuerger Gesellschaft reflektéieren.

Fir de **Projet "Transmedia"** muss d'Haaptsprooch Lëtzebuergesch sinn (Ënnertitelen op Franséisch an Englesch sinn optional).

Fir de **Projet vun der Webserie** kann d'Haaptsprooch entweder Lëtzebuergesch, Franséisch oder Englesch sinn (Ënnertitele sinn optional).

Bei der **Documentaire-Serie** muss d'Haaptsprooch Lëtzebuergesch sinn. Interviewe kënnen an der Originalsprooch mat lëtzebuergeschen Ënnertitel sinn (franséisch an englesch Ënnertitele sinn optional).

All Dossier muss folgend Elementer enthalen:

- Beschreiwung vum Konzept/Format
- Fir de **Projet "Transmedia"** : eng Beschreiwung vun de verschiddene Plattformen an der Interaktioun tëscht deene Plattformen
- Fir de **Webserie-Projet** : d'Veraarbechtung vun engem Pilot Episod (de Pilot Episod als ausgeschafften Zenario ass optional)
- Fir d'**Documentaire-Serie** : eng detailléiert Beschreiwung vun engem Episod (+/- 5 Säiten)
- Produktiounsopwand
- Virleefege Budget
- Propositioun vun engem Titel.

## Delai a Formalitéite fir d'Areechungen

Fir all Dossier muss eng Kopie un office@filmfund.etat.lu an secretariat@rtl.lu geschéckt ginn, a 4 Exemplare musse per Post op folgend zwou Adresse geschéckt ginn:

| | |
|---|---|
| Film Fund Luxembourg | RTL Télé Lëtzebuerg |
| Sarah Bamberg | Steve Schmit |
| Mentioun "Appel FFL-RTL" | Mentioun "Appel FFL-RTL" |
| 5, rue Plaetis | 43, boulevard Pierre Frieden |
| L-2338 Luxembourg | L-1543 Luxembourg |

## Deadline fir d'Aschécke vun den Dossieren : 19 Abrëll 2024